Die Grenzen verwischen und sind doch allgegenwärtig, denn "schliesslich kann man nicht das Leben von hundert Kindern mitleben"; der/die Schüler (in) ist Mitmensch schlechthin, ist "Lehrer (in)" und die "Lehrerin" lernt. Berufs-und Privatleben sind entgrenzt : Eine frische Brise entsteigt diesen unorthodoxen Schulgeschichten und kündet den ersten Roman der Inge Pingler "Verglichen mit der Dauer der Berge" an.
Zu beziehen über:
Inge Pingler, A.-v.- Roden-Weg, 2, 3ooo HANNOVER 72 oder über den Buchhandel, Vertrieb Rotation, Mehringdamm 51,1 -Berlin 61. Preis mit Versand: 9+1= 1o DM.

r.d.

# d'Peffermillen

"L'aménagement grandiose et la beauté architecturale de la centrale de Cattenom (...) constituent parmi beaucoup d'autres un exemple particulièrement significatif de la place qu'a su prendre la France parmi les 'Grands' de ce monde." No sënge Beméiungen ëm e Napoléon-Monument zu Nidderkeejhéng, no sënger "Entmystifizéierung" vum Klëppelkrich, no sënge Propaganda-Artikel fir d'franséisch Arméi, fréier an haut, hofft de Koschter, dass dat Lueflidd, dat de Jacques Dollar op zwou ganzer Zeitungssäiten (LW,11.2.1983) op d'Atomzentral vu Kettenuewe gesongen huet, endlech de franséische Staatschef iwerzeegt, dass dee francophile Lëtzebuerger d'"Légion d'honneur" verdéngt huet, op déi e säit Joere gammst, fir dass en endlech kann ophale sech géint d'Interesse vu Lëtzebuerg ze prostituéieren.

m.p.

*

Säit enger Rei Joren organiséiert de Kulturminister all Joer e nationale Literaturconcours. Bal geet et ëm Lyrik, bal ëm Theater, bal ëm Kannergeschichten ... De Jury mécht derbäi e gudd Geschäft, si verdénge ronn 8000 Frang op de Kapp! D'Auteuren awer hu kaum eppes dervun, well de Ministär bei der Editioun vun de priméierte Wierker nët hëlleft an ee mat dem Präis, dee nët méi an nët manner wéi d'Halschecht (!) vum Jurysloun ausmécht, jo nu wierklech nët vill Buchsäiten erausgi kann. Kee Wonner, dass déi meescht Auteuren d'Präisiwerreechung boykottéiert hun. Bleiwen nach d'Fotoë vun der Feierlechkeet an d'Publicitéit - virun allem fir d'Politiker. Wien huet se méi néideg wéi si?

csst

*

D'Nominatioun vum Abbé A. Heiderscheid an den CLT-Verwaltungsrot (RTL) hat am Klerus bei verschidde Leit béist Bludd gemaach. Verschidde Geeschtlech haten sech erkingt ze froen, wat den LW-Direkter mat där halwer Millioun géng ufänken, di ëm elo nieft sënger Pei zoukéim. Och de Koschter hat deemols un den Här Bëschof geschriwen wéinst de Gefore fir de Pressepluralismus, di vun der LW-RTL-Verquickung géngen ausgoen. (cf. "forum" Nr. 5o, S.2o/25). Eischt Beispiller huet de Koschter och schons an dëser Rubrik genannt. Vrun e puer Wochen huet och den LSAP-Politiker Robert Krieps d'Regirung an där Saach interpelléiert. Dorophin huet den Abbé A. Heiderscheid sech endlech erausgefuerdert gefillt, séng Konten opzedecken: Bei der CLT krut en 1981 458.875 Frang un Tantièmen. Dovu sin 31o.888 Frang u Steieren ofgaang, sou dass him 147.987 F blouwen. Den LW-Direkter erklärt op Eierewurt, "dass von jener Summe nicht 1 Fr. mich oder meine Familie bereicherte, sondern dass sie in Teilen dahin floss, wo sie allemal sicher gebraucht wurde und mithelfen kann, Gutes zu tun." Dont acte.

g

*

Dës lescht gouf an der Chamber vum LSAP-Deputéierten Robert Krieps d'Fro opgeworf, op d'Verquickung vum RTL - an LW - Verwaltungsrot nët d'Pressefräiheet zu Lëtzebuerg a Gefor bréngt. De Koschter hat schon an der Nr.5o dëse Problem aus kathoulescher Siicht analyséiert. Haut wëllt en nach op eng aner Gefor fir d'Onofhängegkeet vun den RTL-Journalisten hiweisen: D'Rücksichten, di d'Redakteuren vum "Hei elei" a vun der UKW-Redaktioun op d'Geschäftsleit huele, si méi grouß wi ee méngt. Wann een z.B. Sonndes dem Pierre Puth säin Tour duerch d'Konschtausstellunge matmecht, mengt een, hien hätt déi Kënschtler erausgesicht, di kënschtleresch am meeschten ze bidden hun. Mä dat stëmmt nët: ët gi nëmmen Ausstellungen gewisen, di an enger öffentlecher Galerie oder Musee sin oder wou de private Galeriebesëtzer oder de Kënschtler bereet as, d'Sendung als Reklam ze bezuelen. Dovu gët de Nokuckert awer näischt gewuer. - Am Ukawee huet de Koschter sech jorelaang iwert di langweileg Gespréicher vum ARBED-Direkter von Kunitzki mat der Joffer Crestani géiergert, di am Numm vum Konsumenteschutz (ULC) diskutéiert hun, op ee besser huet séng Suen a Gold oder Diamanten oder Wertpobeieren unzeleën. Dem Koschter stellen sech esou Konsumproblemer nët. Dass awer nët iwert konkret Präisvergläicher oder Qualitéitstester geschwat gin as, soll nët nëmmen um ARBED-Direkter séngen Interessen gehaang hun. D'UKW-Direktioun huet der ULC anscheinend verbueden, Nimm vu Geschäfter a Marken ze nennen, well soss kënnten emol Reklamseinnahme verluer goen. "Mir hun eng fräi Press!" (lz) ?

m.p.

*

Di Holländer, dat musse Glungener sin! D'selwecht wi d'Schweden. Si hu mir näischt dir näischt den Auslänner d'Wahlrecht gin, dat kommunalt, passiv an aktiv. Vum 17. Februar un. Wann da jiddereen esu kéim! Si hun suguer hir Verfassung gännert. Gutt, datt dat bei eis nët su séier geet, fréistens wann ëwwerhaapt nonzénghonnertandinonzeg. D'Parteien hu jo eréischt d'läscht Joer - villzevillhuerteg - eng ASTI-Plattform ënnerschriwwe wou su Saachen drastungen, déi se bis haut na nët richteg verdaut hun an et as elo nët fir se scho nees ze dirängelen. Nediirt. D'Joer zweedausend kënnt nach fréi genuch a bei eis dierfen se jo dann och - vläicht. Wann s'emol lëtzebuerjhesch schwätzen an integréiert sin an en anstännege Pass hun anesuweider. A wivill Deputéierte kréie mer dann? A wie seet dann, datt se dat ëwwerhaapt selwer wëllen? 'T as gutt, datt d'Hollänner um Mound liewen. Wa se mi no wären an di Kränkt do wär iren ustiechend... Dat géif der jo eppes Schéins! An ëwwerhaapt!

csst